ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 10. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.

Zënter dem 1. Oktober 2017 gëtt et op der Universitéit Lëtzebuerg kee Léierstull méi fir Lëtzebuerger Geschicht. Iwwer déi genee Grënn, déi zu dëser Entscheedung gefouert hunn, kann ee just spekuléieren, mee gewosst ass, dass se an akadeemesche Kreesser am Ausland op Onverständnes gestouss ass.

De leschten Inhaber vun dësem Léierstull weist an engem Zeitungsartikel drop hin, datt dës Decisioun, déi vun der Uni Lëtzebuerg autonom geholl gouf, bei der Regierung jiddefalls net op Bedauere gestouss ass, obschonns déi Entscheedung wuel kaum mam Konzept vum "nation branding" am Aklang steet an een negativen Impakt op d'Fuerschung iwwert d'Lëtzebuerger Geschicht, awer och op d'Visibilitéit vun dëser Fuerschung kéint hunn.

An dësem Zesummenhank hätt ech folgend Froen un den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung:

1. Kann den Här Minister erklären, firwat et op der Universitéit Lëtzebuerg kee Léierstull fir Lëtzebuerger Geschicht méi gëtt?
2. Weess d'Regierung, a wat fir engem Kontext d'Universitéit Lëtzebuerg d'Entscheedung getraff huet, fir de Léierstull ofzeschafen? Waren dat budgetär Iwwerleeungen?
3. Ass d'Regierung net der Meenung, datt esou e Léierstull ubruecht wier, fir d'Lëtzebuerger Geschicht besser ze erfuerschen an och bei de Studenten ze promouvéieren?
4. Weess d'Regierung, ob d'Universitéit Lëtzebuerg drun denkt, fir dëse Léierstull an nächster Zäit nei ze besetzen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten